



‘Eiser’ Wierder a ‘friemer’

D’Haaptsaach fir eis Sprooch ze stäipen ass net d’Schreifweis, mä de mëndlechen a schréftleche Gebrauch vun der Sprooch selwer. **Koppegt a verfriemt Lëtzebuergesch bleift dolaanscht**, och wann et nach esou ‚richteg‘ geschriwwen ass.

Fest gestackt Héichsprooch wéi Däitsch, Franséisch, Englesch asw. kënnen sech et leeschten, eng stramm Schreifweis a Grammatik ze verlaangen, vrun allem well si ‚multifach‘ am Literaresche wéi an der Press an der Fënster stin; d’Lëtzebuergesch net! Eis Sprooch ass souzesoen tëscht 3 Grouss-sproochen ‚agepercht‘.

Den Dicks, de Rodange, de Lentz an de Welter, grad ewéi eng Rëtsch aner **Schreiwerten hunn alleguer deelweis verschidde Schreifweise gebraucht**, souguer speziell explizéiert; kee war also mat deem aneren op enger Linn... dat wäert wéinst eiser SproochSITUATION och knapps eng Kéier méiglech ginn. Gewëss, dat klénkt, wéi wann ee géint déi Orthographie ‚vun haut‘ wier; absolut net; ower eist Schreiwewe muss vun enger anerer Säit hier gekuckt ginn: am Sënn vum Basis-Erhale vun eiser SPROOCH selwer!

Wat déngt déi ‚besch‘ Schreifweis, wa bannent deer Rumm e grujelegt Lëtzebuergesch d’Sprooch selwer erwiergt, souguer lächerlech mécht? Do geet et iwregens och net duer, wann eenzel friem Ausdréck oder Ausdröckweisen en etlechmol an enger Zeitung, um Radio, der Televisioun a Bicher der authentescher Sprooch den Hals zoudréinen?! Et wier vill besser, sech emol an eis ‚zollt‘ Schreiwerte wéi e Marcel Reuland, Tit Schroeder, Josy Braun, Pier Kremer, Alain Atten, Paul Pütz, Pol Noesen asw., vläicht och meng Wéinegkeet ze ‚knéien‘...ower dat gëtt ganz kloer net gemaach! Ass dat éieren zevill verlaangt?

Eng Mammesprooch – egal watfir eng – gëtt dach net mat dréchener Grammatik a sturer Schreifweis geléiert; déi kommen dobäi, sou wéi d’Eisen an de Betong. Mir hunn alleguer eenzel Wierder a kleng Sätz gebabbelt, duerno richteg geschwat, iert dat ‚Richteg‘ de Fall war, iert mir liesen a schreiwewe konnten, oder?

Natierlech hëlleft eng gutt ‚koordinéiert‘ Orthographie beim flëssege Liesen; ower da stellt sech d’Fro, wéivill der da wierklech d’Gewunnecht hunn ze liesen... **wéi mir an deem Gewulls vun 3 verschidde Friemsprouchen d’Orthographie fir d’Lëtzebuergesch op ee Leescht solle kréien**. Fir d’Duebellauter (Diphthongen/éi-ou-äi) schéngt et kee Krämpes méi ze ginn; ower d’Schlusskonsonanten d/t – w/f misste kloererweis mat der eventueller Verlängerung klappen, aplaz datt mir äis do bal sklavesch un den däitschen Tracteur (Taktor?) hänken.

Wéi dacks ass ewell gesot ginn, datt mir **friem gebrauchten a wéi am Original ausgeschwaten Ausdréck mussen an der originaler Orthographie schreiwewe**, fir kee beim Léieren dronkeg ze maachen; äis am anere Fall ower op d’mannst konsequent ze bleiwen... mä da wier et ‚dakor, merssi, Brikee, Trottuar, Awenü, wisawi aplaz d’accord, merci, Briquet, Trottoir, vis-à-vis asw. All Aneres gëtt Kuddelmuddel, Duercherneen a Katastroph fir d’Geschreifs an der Schoul .

Zeville vun äis ass dann och wierklech net bewosst, wéi räich de lëtzebuergesche Wuertschaz ass. Leider gëtt ower iwwerflësseg dacks gesot/behaapt ‚bannewänneg/bannezeg wier verblatzt a vereelt, dat wier éischer ‚inwendig‘...sou kritt d’Lëtzebuergesch es honnertfach ‚bei d’Këscht‘! Och esouguer alt ‚offiziell‘!

À propos (apropo?): Ass dat alles net wichteg genuch, fir alt emol heinsdo e ‚ronnen Dësch‘ op eiser Televisioun ze organiséieren; do gëtt iwwer vill manner Wichteges dach stonnelaang ‚gemierwelt‘.

TRÈS BIEN!

Wien sech iwwer Humpegesprécher eraus verstänneg fir eis Politik intresséiert, fir deen ass eist ‚Chamberblietchen‘ e ganz flotten Zäitverdreiw. Mir verdanken **deí lëtzebuergesch ‚Verbatim-Versioun‘** dem fréiere Chamberpresident Léon Bollendorf, dee mir vun der Actioun-Lëtzebuergesch an der Zäit ‚klengkritt‘ haten. Et sief hei och emol dem Administratiounspersonal e grouse Merci fir seng net einfach a vill Aarbecht bei deer demokratesch wichtiger Publikatioun gesot. **Scho méi dacks hunn auslännesch Leit sech och am Sënn vun eiser eemoleger Sproochsituatioun heiriwwer gewonnert**, an am Fong net ‚matkritt. Bedenkt emol: Hei gëtt e Gesetz op Lëtzebuergesch ‚verhandelt‘; op Franséisch publizéiert, dann op Däitsch an der Press kommentéiert. Weltrekord!

Natierlech fënnt eem am ‚Bliedchen‘ och eraus, wéi eis ‚Honorabelen‘ et mat hirem Lëtzebuergesch halen... alles dat ganz kloer ‚pädagogesch‘ intressant.

Et freet sech just, firwat déi (verstänneg) **Tëscheriff vu Fraktiounskollegen** ‚très bien!‘ musse sinn. Giff da ‚ganz gutt!‘ et vläicht net maachen. Op jidfer Fall wier dat net schlecht, éischer... ganz gutt!

vum Lex Roth



Chrëschtmount

Egal wie wat a wéivill vu Kierch a ‚Chrëschterei‘ hält, den Dezember ass mam Advent, Niklosdag, Chrëschttag a Sylvester nun emol net ee wéi déi aner eelef. Wiederméisseg ass en d’meesch méi latzeg wéi all déi aner... mécht ower em den 20. Hoffnung op méi laang Deeg. Schnéi gëtt et dës Zäit ewell laang kee méi an eise Géigenden, bal nëmme Gesabbels... iwregens war jo zu Bethlehem nach zesoen ni Schnéi, do wou dem Neien Testament no den Herrgottsjong gebuer guff...mä et ass ower esou ‚romantesch‘ gelldir; de Schnéi aus ‚Stille Nacht‘ gëtt et do jo net; iwregens och a kenger Iwwersetzung oder Upassung.

Vläicht wier et just dëst Joer fein, wann een op déi Deeg apaart un dee grujeleche Misär giff denken, deen sech just an deer Gebuerts-Géigend dës- an déisäit vun de Grenze breetmécht... mä anengems un déi onerhéiert Chance, déi mir dach hei hunn; net zugudderlescht onni Gefor op eis eege fräi Meenung.

An deem Sënn wënsche mir lech alleguer fir dese Feiertagsmount an d’Joer dat kennt e sëlliche léif Gedanken... un eis Chance! Da sinn déi ‚aner‘ mat dobäi.

Praxis

Et gi verschidde Fassonge fir eng Sprooch ze léieren. Déi allernatierlechst ass kloer déi, **wéi e Kand seng MAMMESPROOCH matkritt**, an zwar am déiwe Sënn vum Ausdröck: Haut ass wëssenschaftlech nogewisen, datt e Kand ewell an senger Mamm hirem Bauch op d’Schwätz vun hir reagéiert; op d’Stëmm, den Tounfall, de Rhythmus... dofir ass den Ausdröck ‚Mammesprooch‘ u sech och duebel richteg. Iwwer deem Gedankegank kann een dann och verstoen, wéi problematesch et ass, wann e Kand no der Gebuert duerch iergendwéi Ëmstänn onni d’Mamm rondrem opwiisst.

Et hänt e sëlliche dovun of, **a watfir engem Ëmfeld e Kand no an no an d’Welt era kënn**, z.B. ob doheem vill oder net derdäiwel geschwat gëtt; ob och nach eeler Gesächter an deem Krees sinn. Un de groussen Ae kann een z.B. gesin, wéi d’Däbbessen hirt Froe wierklech ‚an der Kuck‘ stoen hunn; si fänken zesoen automatesch alles op, well ‚kleng Kesselen hunn och grouss Oueren‘... dat ass dann am Fong dat ‚natierlecht‘ Sproochléieren. Wat de Krees da baussent der Famill méi grouss gëtt, wat och d’Sprooch sech weider opdeet. An der Schoul gëtt et da méi ‚systematesch‘... dat bei äis op eng eenzegarteg Manéier. Ower all Fassonge bauen op der Mammesprooch op! Friemsprouche bleiwen eng méi oder manner gutt ‚Iwwersetzung‘.

Mat näischt Famill

Schon dësen Titel ass a sengem ‚Dréi‘ 100% Eises! **Mir mengen ze dacks liicht an ze séier, dësen oder deen Ausdröck wier dach däitsch...** Eefällegkeet, Topegkeet, leselzegkeet, och dës Wierder hei: Eises! Ower et ass zeville Leit jo och am Fong egal. Dofir ass et jo vläicht och net vu Muttwëll, wa mir hei alt mol op déi ‚éimeg‘ Plaz drécken, an eis Lieser **invitéieren, fir op Däitsch/Franséisch ze iwwersetzen:**

Mullebutzen a Bratzele wuessen net iwwerall / am Summer gi Seejomëssen an Harespelen engem op de Sou / Heespränger an Ouereschlëffer si Gedéiesch / aus Ellercher gi Mouken / dat Schluppen deet mech baschten / hie geheit d’Klatzen all dolaanscht / ech krut eng Schnäiz vum Chef / huel eng Schlupp op dee Muffel / mäin Auto ass geschréipt / dee Flappes kouzt wéi e Bauz / dee pänzege Bëlles gëtt sech net / dat ass e vermengtent Bëtschel / hien ass e rëffege Bretzert / e Schleek kann och eng gutt Mëtsch sinn / dréin d’Strëmp net bannebaussen / trântel net a fläiss dech / ech hu mech vu Keelt geschuddert / do hues du dech ower gestouss / braddel net sou séier an haard / schwätz kee Kabes/ sief net esou knéckeg / et hält op mam Gefisems, elo plätscht et / d’Kuebe quaken / et facht datt d’Luede rabbelen / mir waren dëslescht rëm schéi fatzeg am Jumm ...Wéi aarm, gell!

Fir elo dann hei nach e Spréchelchen an deem Sënn:

En Topert, en Trëllert, en Dabo, e Geck,
deí sicht een émsoss an de Sproocherondrem;
e Klautchen, e Bëlles, eng Toz an eng Zeck,
kommen do dach soubal kengem Mënsch an de Sënn.
Mir hunn dach flott Ausdréck fir an eis kleng Sprooch;
wa mir si versueren, da läit si ni brooch!

D’ Actioun-Lëtzebuergesch wënscht hire Membren
a Frënn dat Besch fir 2024... mat engem waarme
Gedanken un all Leit am Misär op eiser Welt.